No. 01 17/07/2023

# TERRAVIVA NEWS

## Opriichten | Informatiounen | Meteo

## Wëllkomm um Camp!



Léiwe Staff, Léif Avex, Léif Chef
Endlech ass et esouwäit an eise Camp geet lass! Schonn zënter Méint sinn d'Präparatiounen am gaangen a mir freeën eis dass dir elo all do sitt fir déi nächst 10 Deeg e super Camp kënnen ze erliewen!

**Denkt ëmmer un d'Sonnecreme, genuch Waasser ze drénken, an är Kaap géint d'Sonn unzedoen!**

# Opriichten

Zënter enger Woch ass eis Infra- an Holzekipp op der Campplaz am gaangen alles prett ze maachen!
Si hu ganz vill Zelter missen opriichten, eis schéin Konstruktioun opgebaut, a vill Material iwwert d'Campplaz gefuer. Hinne gëllt elo schonn e risege B R A V O fir hir Viraarbecht!











Den TERRAVIVA 2023 krut de Label “Green Events” duerch eist Engagement eise Camp nohalteg ze gestallten. Maacht och dir mat andeems dir ären Dréck triéiert a kee Waasser verschwent!

GREEN. EVENTS

# Auerzäiten



Sekretariat:
Moies: 08:30 bis 12:30
Mëttes: 14:00 bis 17:30



Finanzen/Bongenkees:
Mëttes: 17:00 bis 19:00
(SumUp/Kaart & Boergeld)

## Avex-Bar & Shop

Vergiess däi Bëcher net!

Um Eck vum Fort TERRAVIVA fannt dir eis Avex-Bar an de Shop. An der Bar kritt dir net nëmmen eppes ze drénken, mee och kleng Snacks (Glacen, Chips, Kammellen, ...)!







Hutt dir är Zännbiischt oder är Sonnecreme vergies? Kee Problem: kommt an de Shop während den Öffnungszäiten vun der Avex-Bar. Hei kritt dir och nach Shampoo, Seef, Deo, Sonnecreme, Tampon, Binden an Nuesschnappescher!

**Den Avex-Cocktail vum Dag gëtt et fir 2 €!**



# De Kapp am Pentagon



Wanns du an deenen nächsten Deeg däi Kapp hei am Pentagon gesäiss, da komm bis um 1730 Auer bei d'Sekretariat an da kriss de e klenge Kaddo vun eis!

## Rätsel

Matrose Peter streicht auf Befehl seines Kapitäns, das ganze Schiff blau an. Dabei schwebt er an einem Seil, welches an der Schiffsreling festgezurrt wurde, ca. 30 cm über der Wasseroberfläche. Die Flut setzt ein und nach 4 Stunden, steht das Wasser 60 cm höher im Hafen.

**Nach wie viel Stunden bekommt Matrose Peter nasse Füße?**

*D'Opléisung gëtt et muer!*

## Gutt ze wessen

D'Campzeitung kritt dir ab Muer ëmmer Moies an är Bréifboîte geluecht! Vergiesst net se opzestellen a reegelméisseg dra luussen ze goen! Wann ee vun iech e klengen Artikel wëll schreiwen fir an d'Campzeitung da kommt roueg eng Kéier bei Sekretariatszelt a frot no der PR-Ekipp.

## Wieder vum 17. Juli 2023

Source: Meteolux

